

DE VERZAUBERTE REIS

E Spill an drei Akten.

1. Akt: Bei den Wichtel
 2. Akt: Am Schlasspark
 3. Akt: Beim Fiederwesch doheem

Persounen: 3 Wichtel!	Strumpel	Prenz Sawatzsky
	Knuddel	Prinzessin Bibina
	Fixefax	I. Fee
	Den Zwerg Trulli	2. Fee
	Elfen	D'Hex
	Vigel	De Fiederwesch

1. AKT

(Di drei Wichtel sin am gang hir Rucksäck ze paaken.)

Strumpel: Mir wärten eist Gleck scho maachen. Wann mir virun hei am Besch setzebleiwen, kennen mir ni zu Geld kommen.

Knuddel: Stellt iech vir ... mir kommen erem heem an de Besch ... an mir sin räich... Mir fueren an enger gellener Kutsch, mat 6 selwerweissen Pärd virdrun.....

Fixefax: Abejo!! Eppes wellt ech émol gären vun Ierch wessen? Wat fir ee Wee mussen mir dann huelen, fir dat Gleck ze fannen? Ass et ennen laanscht d'Wiss, oder uewen duerch de Besch, der Baach no, oder...

Strumpel: Irgendwou leit hei
 (et klappt un der Diir)

Knud.+Fix.: Nemmen eran! D'Diir ass op!
 (2 Feeen kommen eran)

I. Fee: Ee scheinen sonnegen Daag, dir Wichtel! Mir wollten ierch äddi soen an, an engems, nach e puer Neiegekéeten verzielen.

Strumpel: Wat fir Neiegekéeten?

2. Fee: Mir hun héieren, datt de Prenz Sawatsky ganz verdresslech ass well seng Villercher net méi sangen. Si haten sech eng Nuecht esou schro erféiert,... an zenter deser Nuecht huet ee keen Toun méi vun hinnen héieren.

Knuddel: A wat huet dat mat eis ze din?

I. Fee: Fro net esou domm! Dir kennt jo bei den Prenz Sawatsky goen, an seng Villercher un d'Sangen brengen. Dann kritt dir bestëmmt vill Geld, an dann sit der räich.

Fixefax: A wéi solle mer Villercher,déi net sangen, un d'Sangen brengen?

2. Fee: Oh, wéi sitt dir esou komplizéiert! Maacht ee Peifzauber... oder soss irgend eppes.

Strumpel: Op esou eng blöd Iddi kann nemmen eng Fee kommen. Ee Péifzauber... A wou sollen mir deen dann hierhuelen? Strumpelknuddelfixefax...! Strimpelkniddelfaxefix!

- I. Fee: Wann dir eis Iddi esou domm fannt, dann gi mir eben.
(Di 2 Feen wellen fortgoen)
- Knuddel: Gitt net fort. Villäischt brengt een dat wirklech färdeg. Wann mir nach wéissten wou den ^{igelen} Trulli wär, dee géif eis bestemmt helefen.
2. Fee: Den Trulli, mam laange Bart! Ech wees, wou en sech verstoppt.
Ech gin en froen, ob en iech wellt helefen. (geet fort)
- Fixefax: (Helt sei Rucksack) Ech gleewen net drun, datt den Trulli eis helefen kann. Deen huet sei Gehir nemmen fir ze päifen.
- Strumpel: Fir ze päifen brauch ee keen Gehir, do brauch een Otem..
(di 2. Fee kennt mam Trulli)
- D'Wichtel:(ganz héiflech) Gudde Moien!
- Trulli: Gudde Moien! A wat wellt dir vun mir?
- Knuddel: Mir géifen gären... wéi d'Vigel... léieren päifen. Wéi mechs du dat du kanns dat esou gudd.
- Trulli: Einfach esou! (trillert)
(d'Wichtel laafen ronderem hien, kucken him an de Mond, probéieren ze päifen)
- Fixefax: (traureg) An dobäi geseit et esou einfach aus. Trulli, wéi géifs du dech ustellen, fir Vigel, déi keen Toun vun sech gin, erem un d'Päifen ze kréien?
- Trulli: Oh, ech géif hinnen Päifreis ze friessen gin, dann sangen si erem.
- Strumpel: (begeeschtert) A wéi mechs du deen... Päifreis?
- Trulli: Dat kann ech net selwer, di aal Hex muss mir dobei helefen. An dann brauch ech nach e puer Flfen, déi em een Zauberkrees danzen.
- I. Fee: Strumpel! Soll ech di aal Hex siche goen? Ech hat se de mueren begéint, si ass Kommissiounen maachen gangen. Et wär wonnerbar, wann dir Päifreis hätt, fir dem Prenz Sawatsky seng Villercher.
- Strumpel: Wann ech gelift! Géi d'Hex schnell sichen. Si ass eis Frendin, si wärt eis ganz bestemmt helefen. (I. Fee geet fort)
- Knuddel: Juppi!!! Ech woßt et jo, mir fannen et ...
- Fixefax: Wat fanne mir?
- Knuddel: Eist Gleck, Fixefaxeli!
- Fixefax: Et ass awer nach e weide Wee bis dohin. Weess ee vun ierch, wou de Prenz Sawatsky sei Land huet?
2. Fee: Um Bierg natiirlech.
- Trulli: (wullt an senger Täschen) Ech hun eng Kaart.
- Knuddel: (begeeschtert) Do ass et... dat ass awer wéit... an emmer biirgop.
- Fixefax: Dat mescht näischt. Léinst du eis deng Kaart TRulli?
- Trulli: Selbstverständlech! (Dobaussen héiert een Kaméidi. Erakommen: d'Hex di I. Fee, d' Flfen déi ganz wibbeleg sin a kickelen)
- I. Fee: Hei si mir!
- Elfen: Mir wellen och helefen... an ierch äddi soen.
- Hex: Strumpel, Knuddel, Fixefax... hut dir nach ee Wonsch, da leet mol lass!

- Strumpel: Mir hätten gären Päifreis fir dem Prenz Sawatsky seng Vigel.
- Knuddel: Si kennen net méi sängen... mä wann se erem sange konnten... dann...
- Fixefax: Den Trulli well eis Päifreis maachen, wanns du dobäi zaubers.
- Elfen: An mir hellefen och.
- Trulli: Hut dir dann och Reis?
- Hex: (Helt eng Tût aus der Täscher, mecht se op) Ech hun emmer Reis bei mir.
(D'Wichtel lûussen an d'Tût)
- Knuddel: Déi ass jo eidel.
- Fixefax: Net een eenzegen Kär ass dran. Setz dir emol de Brell t'éischt op d'Nues.
- Hex: Di Tût ass net eidel, och wann dat esou ausgeseit. (Si schett Reiskären op d'Hand) Am allerbeschten geet den Zauber an enger bloer Schossel. Hut dir eng blo Schossel? Da kennen mir gläich ufänken.
- Strumpel: (helt eng blo Schossel aus dem Schaaf) Hei hues du eng blo Schossel.
(D'Hex schett de Reis an d'Schossel, den Trulli kritt d'Schossel fir unzepaaken. D'Hex leet d'Tût op den Desch)
- Hex: Trulli! Ech zeechnen mat Kräid ee Krees op de Buedem. Stell dech an d'Mett vum Krees, an hal dir d'Schossel bei de Mond. Wann d'Elfen ronderem danzen, muss du, wéi ee Villchen, iwert den Reis peifen. Ech soen den Zaubersproch... An dir Wichtel a Feen, haalt iech ganz fest un den Hänn, an sitt ganz roueg.
(Strumpel reckelt den Desch, d'Hex molt ee Krees op de Buedem. Den Trulli stellt sech an d'Mett vum Krees an hält d'Schossel bei de Mond. D'Elfen danzen ronderem)
- Hex sengt: Pixidixi - MauseSpeck - Dixipixi - Botterweck
Flantermaus an Zwergefleiss
Brennt den Zauber an de Reis
(Grad wéi d'Hex färdeg war, treppelt eng Elf dem Trulli op de Fouss, den Trulli fänkt haart un ze quitschen)
- Hex: (iirgerlech) Trull! Du Onglecksfull! Hoffentlech hues du elo net den Zauber verduewen!
- Trull: (hopst op engem Been) An, an, meng deck Zéiw, an, meng deck Zéiw!
- Hex: (Helt d'Schossel a richt)
E richt net ganz richtig. Mir musse probéieren, ob et wirklech Päifreis
ass.
- Knuddel: Ech probéieren en.
- Hex: Hei, schleck e puer Kären of, da gesin mir, wéi en ass.
(De Knuddel schleckt d'Kären of, a schneit Grimassen.)
- Trull: Da päif, allez hopp, da päif!
De Knuddel mecht de Mond op, mä anstatt ze päifen, héiert een nemmen Gequitschs.)

- Hex:** Oh jémine! Oh mei! Ech hat mir et gläich geduecht, datt den Zauber verduewen ass. Anstatt Päifreis, hun mir elo Quietschreis. (Zum Trull) Mirks du elo, wat's du gestiicht hues, alles ass verduewen. Wat ee Gleck, datt ech nach Kären Reis, Rescht hun. Da fänken mir erem vu vir un. An denk drun, Trull, wann een dir op d'déck Zéiw danzt, da get weider gepaff.
- Trull:** (kuckt ganz béis op d'Elfen)
Ennerstéi sech nach eent, mir op d'Zéiw ze sprangen!
(Di ganz Zauberei geet vu vir un)
- Hex:** Des Kéier huet et geklappt. Gef mir d'Schossel, Trulli. (richt un der Schossel) Ah, esou ass et richtig. Fixefax, probéier emol.
(De Fixefax helt ee Reiskär an schleckt en of. Duerno päift an trillert hien. Si klappen vu Freed an d'Hänn)
- Strumpel:** Mir hun richtigem Päifreis... mir hun richtigem Päifreis!
- Knuddel:** An dann... (hien quiitscht hart, si sin all iwerrascht)
O mei, dat kennt vun den Kären, déi ech ofgeschléckt hun.
Also, an dann wann mir erem kommen (quiitscht erem, di aaner laachen)
- Fixefax:** (klappt him op d'Scheller) Oh du armen Knuddel! Ech schwätzen léiwer fir dech. Wann mir erem sin, maachen mir ee grousst Fest an mir lueden iech all an, dir hut eis jo esou vill gehollef.
- Strumpel:** Jo, dat maachen mir (trillert)
- Knuddel:** Ganz bestemmt (quiitscht)
- Fixefax:** (Schett de Reis an eng kleng Kescht) Elo kennen mir goen. Ech passen gutt op de Reis op.
- Knuddel:** (schett dee falschen Reis an eng aaner Kescht) An ech huelen den Quiitschreis mat (quiitscht) Oh pardon! Villäicht kennen mir deen och eng Kéier brauchen, wee wéiss!
- Strumpel:** (Helt de Rucksäck op de Réck) Addi, alleguer, bis geschwenn! An fort bei de Prenz Sawatsky, an seng topeg Villercher.
- Alleguer:** (gin sech d'Hänn oder klappen sech op d'Schelleren) Addi!
Maacht et gutt! Vill chance! Passt op de Reis op! Maacht keng Dommheiten ennerwee!
- Strumpel:** Addi! (trillert)
- Knuddel:** Arwär, dir meng Léif (quiitscht)
- Fixefax:** Salut!

(Si gin all fort - RIDEAU -)

2 . A K T Am Schlasspark

(E Liegestull steet mam Réck zu dem Publikum. Et héiert een Schnarchen. Di 3 Wichtel kommen eran, kucken ronderem)

Strumpel: Mir sin do!! Endlech, ech hat gemengt, mir kéimen ni méi un, biergop emmer biergop, an dono, erem biergop...

Knuddel: (leet sech op de Buedem) Ech sin doudmidd.

Fixefax: Kuck emol, do ass jo d'Schlass (weist an eng Richtung)

An dohannen, d'Villercher an hiren Käfeger! (weist an di aaner Richtung)

Strumpel: Sitt emol roueg, op een net iirgend ee Päifen héiert.

(Si lauschteren - Et héiert een Schnarchen)

Knuddel: Komesch, si peifen net, si schnarchen.

Fixefax: Mengst du, d'Vigel kennten schnarchen?

Knuddel: Natiirlech net, Mä ech héieren awer Schnarchen.

Strumpel: Ech héieren et och. Villäicht ass een ageschlof, oder... villäicht kennen si elo schnarchen, well si jo net méi päifen kënnen.

Fixefax: Wou soll dann dee Mann sin, deen sech em si këmmert?

Den Dinger hat dach gesot, mir géifen hien hei fannen. Ech gesin awer keen.

Knuddel: Wéi heescht en schon, et war sou ee komeschen Numm.

Strumpel: Fiederwesch, Här Fiederwesch.

Knuddel: Ah jo, Här Fiederwesch. An wann mir géifen haard ruffen!

Strumpel: Här Fiederwesch!

Fixefax! Fiederwesch!

(D'Schnarchen get emmer méi haard. D'Wichtel entdecken schliesslech den Liegestull. De Knuddel geet kucken, kennt zereck a grinst.)

Knuddel: Do leit den Fiederwesch. Hien ass et ganz bestëmmt. Aplaatz Hoer wuessen him Fiederen um Kapp. E geseit richteg komesch aus.

Strumpel; Sollen mir en erwäschen?

Fixefax: Oder, sollen mir him eng spillen? Mir kéinten maachen, wéi wann sein Här, de Prënz Sawatsky géif kommen!

Knuddel: Dat get gemaacht, dat get flott. Strumpel, verstopp du dech hannert dem Baam! Den Fixefax an ech jeitzen, datt de Prënz an d'Prinzessin kommen an dann kënn du hannert dem Baam eraus. Wat wärt deen an d'Luût sprangen. (De Strumpel verschwennt)

Knuddel: (jeitzt) Platz gemaach! Hei hinner, Monseigneur... allerléiwst Prinzessin (De Fiederwesch krabbelt esou schnell wéi et geet aus dem Liegestull, de Liegestull klappt zesummen, den F. kennt mat aller Méi eraus, verneigt sech bis op de Buedem)

Fiederw.: Monseigneur..., allerléiwst Prinzessin. (verneigt sech emmer erëm)

Fix. : Wou soll dann dee Mann sin,deen sech em si kœmmert?Den Dinger hat Dach gesot,mir géifen hir hei fannen.Ech gesin awer keen.

Kn. : Wéi heescht en schon,et war esou ee komechen Numm.

Str. : Fiederwesch,Här Fiederwesch.

Kn. : Ah jo,Här Fiederwesch.An wann mir géifen haard ruffen!

Str. : Här Fiederwesch!

Fix. : Fiederwesch!

(Schnarochen gët emmer méi haard.D'Wichtel entdecken schliesslech den Liegestull.De Kn. geet kucken,kœnnt zereck an grinst.)

Kn. : Do leit den Fiederwesch.Hien ass et ganz bestœmt.Aplaaetz Hoer wuessen him Fiederem um Kapp.E geseit richtig komech aus.

Str. : sollen mir en erwäschen?

Fix. : Oder sollen mir him eng spillen?Mir kéinten maachen wéi wann sein Här, de Prënz ,géif kommen!

Kn. : Dat gët gemaacht,dat gët flott.Str. verstopp du doch hannert den Baam! Den Fixefax an ech jeitzen,datt den Prënz an d'Prinzessin kommen,an dann kënns du hannert dem Baam eraud.Wat wärt deen an d'Laut sprangen. (De Str. verschwœnnt.)

Kn. : (jeitzt)Plaaetz gemaach!Hei hinner,Monseigneur-allerléiwst Prinzessin. (De Fiederwesch krabbelt esou schnell wéi et geet aus dem Liegestull. De Liegestull klappt zesummen,den Fiederwesch kœnnt mat aller Méi eraus, verneigt sech bis op de Bueden.)

Fied. : Monseigneur,allerléiwst Prinzessin.(verneigt sech emmer ërem)

Str. : (groussarteg)Ech gréissen iech,Här Fiederwesch.Wéi geet et iech?Wi schéim vun iech,mech sou frëndlech ze begréissen. (di aamer Wichtel laachen heemlech)

Fied.: (rosen)Wen bass du?Wat sichs du hei?

Str. : Ele mol nôt gleich esou een gëftegen Toun!Virun e puer Minuten nach, war dir sou frou fir mech ze gesinn.

Fied.: Irgendeen huet geruff:...De Prënz an d'Prinzessin kommen...Ech hun et ganz dâitlech héieren.Ech sutz do an mengem Stull,an hun nogeduecht...

Str. : A gedöst.

Fied.: Hun ech nôt!Ech dösen nii.

Kn. : Ele hânt eis awer keng op!

Fix. : Ele héier een sech dat ha!

Fied.: (geseit di zwee)Aha,zu drei sitt dir och nach.Ech wärt iech et beibringen mech ze erwäschen,an dobäi mech och nach esou ze erféieren. (rennt hannert de Wichtel hir,déi sech verstoppen laafen)

Kn. : Här Fiederwesch,huet dir schon eng Kéier ee Wonner erliewt?

Fied.: A wann dir nôt geschwœnn verschwannt,dann wärt dir ärt blot Wonner erliewen.

Str. : Mir kœnnten den Villercher...

Fied.: Wat kœnnt dir de Villercher?

Fix. : De Villercher erëm d'Sangen beibringen!

Fied.: Keen huert et bis elo färdeg bruecht.Stomm sin se wéi d'Fäsch;kee Piepsert méi héiert een.5,10-15 Hexen hun schon probéiert si erëm un d'Sangen ze kréien.T'ass näischt ze maachen,t'ass alles ömss!

Fix. : Mir kënnten mol probéieren...

Fied.: Probéiert nënnen,wann dir mengt,dir wärt méi gescheit wéi 15 Hexen.Ech gënne ee Fiedervéi sichen.
(geet fort,kënnt erëm,hannert him kopst ee Villchen)

Fied.: Gesitt dir,wéi zahn datt si sin...Elo sin ech awer gespaant!!!

Kn. :Wou ass de Räis,Fixefax?
(De Fix gët him d'Këscht.De Kn. hält d'Räiskären aus der Këscht a gët dem Villchen se ze friessen.Dono fänkt de Villchen un,wonnerbar ze trilleren.)

Str. : Wat sot dir elo,Här Fiederwäsch.Ass dat gesong oder nët?

Fied.: Herrlech!Wonnerbar!De Prënz geréit jo ausser sech vu Freed.
(De Villchentrillert an kopst eraus.)

ix. : Féier eis bei de Prënz!

Fied.: Dat kënnt nët a Fro.De Prënz hält sech nët mat drei sou Wichtelcher op. Duerfir sin ech do,Wéi këmich ass de Präiss,fir all deem Fiedervéi d'Sangen erëm bäisebréngen?

Str. : Oh,wat ee Glëck!

Fied.: Wéi deier ass ärt Glëck?

Str. : 50 Goldstecker.

Fied.: 50 Goldstecker!Dir sit verreckt!

Kn. : Mir sin nët verreckt.Mir wëllen 50 Goldstecker.Gëss du eis se,oder nët! Mir kënnen och bei de Prënz goen.

Fied.: 50 Goldstecker.(Hien geet nedenklech op an of.)
Eppes nach dir,Wichtel;... .. wann d'Fiedervéi erëm sange kann,sot mir, kann iirgendeen den Zauber erëm weghuelen?

Kn. : Keen,...mir och nët.Si wärten hirt Liwen jaang sangen.

Fied. : Gutt dann.Maacht iech un d'Arbecht.An dann kritt dir vu mir 50 Steck,nët sent méi,miirkt iech et,genau 50 Steck!

Str. : Méi wëllen mir nët!

Kn. : Brengt d'Vigel erbäi!
(De Fiederwäsch geet fort,kënnt mat den Villercher zeréck.D'Wichtel strecken hinnen an gläich trilleren se all.De Fiederwäsch ass beegeschttert, sträicht de Villercher iwert d'Käpp.)

Fix. : Sou,Här Fiederwäsch.Eis Aarbecht ass gemaach.Gitt eis elo d'Beléungung.

Fied.: (hëlt ee Porte-monnaie aus senger Täsche)
Selbstverständlech,hei ass se!

Fix. :(necht de Porte-monnaie op)Mä...dat sin dach keng Goldstecker,dat sin...

Fied.: Ech sot...an dann kritt dir 50 Steck,ech sot nët,50 Goldstecker.
An elo fort mat iech.A wann dir elo Kaméidi schlot,dann ruffen ech de Gärtner,dee kënnt an werft iech aus dem Park.Kommt meng Villercher,kommt!
(Hien jot d'Villercher eraus a grinst.)

Hoho, Dat wärt iech léieren, mech aus mengen schéinen Drees drauszerappen an an mir een Schreck anzejoen. (geet fort)

Str.: Du éllenen, hannerlëschtogen, eklegen Fiederwësch! (Kreischerech) A mir kënnen de Vigel d'Sangen nët méi weghuelen. Fir wat hun mir eis nët't'éischt d'Goldstecker gi geloss.

Kp.: ~~Dat ass gemeng. De ganzen laangen Wee! Kee GLÉCK!~~

Kp.: Agespaart soll e gin....Gekäppt soll e gin.

Kn.: (plötzlech) Ech weess eng: Mir sichen sein Hues an streen iverall Quietschräis. Dat gët e Spaass!

Str.: Juppi! E fällt em vu Schreck.

(Allen drei fort. Vu baussen héiert ee Kaméidi. De Prënz an d'Prinzessin bleiwen stoen an lauschteren wéi d'Villercher sangen.)

Prënz: Drolech! Do héiert een eppes Ongewéinlech!

Prinz.: Mei léiwen Prënz. Wann ech nët wéisst, dat d'Villercher nët sangen könnten, géif ech soen, ech héieren d'Vigel sangen.

Prinz.: Esou ass et! Se sangen erëm! Ohwéi schéin!

Prënz: (Kuckt ronderëm sech.) Wou ass de Fiederwësch?

Fiederwësch, Fiederwësch, W Ou bass du?

(De fiederwësch trëtt op, laacht zefridden a verneigt sech.)

Prënz: (weist an de Vigel hir Richtung) Sin dat wirklech meng Vigel, déi ech héieren?

Fied.: Jo, Monseigneur; Deeglaang an Nuechten durchhun ech haard geschafft fir dat Fiedervéi erëm un d'Sangan ze kréien, an elo Monseigneur, endlech hun ech et geschafft.

Prinz.: Wéi ass dat méiglech! Dat hues du färdeg bruecht, Fiederwësch?

Fied.: (verneigt sech) Jo, allerléiwst Prinzessin. Ech wollt iech eng Iwerraschung maachen.

Prënz.: Wéi schéin vun dir, Fiederwësch. Ech wärt dech duerfir belounen.

Fied.: Oh neen, Monseigneur. Ech hun et nët gemaach wéinst enger Belounung. Ech war versieess drop; ech hat mir et an de Kapp gesat, ...ech sin nët midd gin domat, stonnelaang datselwescht virgepaff, virgetrillert, virgezwitchtert...

Prinz.: Fiederwësch, du allerguttsten Fiederwësch. Mir kommen haut bei dech op de Kaffi, an dann schwätzen mir iwert deng Belounung. Waat? s du och ëmmer wënschs, solls du kréien.

Prënz: A verstanen, komm, allerléiwst B., loss eis bei d'Villercher goen an deen herrlechen Gesank nolauschteren.

(Prënz, Prinzessin fort)

Fied.: (dantzt vu Freed) Wat sin ech een Däiwelskärel! T'éisc ht hun ech d'Wichel gutt ugeschmiert, dann dem Prënz eng geknëtzelt. Elo kann ech mir eng Belounung wënschen. Oh, Fiederwësch, du bass een Däiwelskärel.

(Dantzt ronderëm) Derang Fiederwësch! Huhu. E Porte-mannaie voller Goldstecker.

Oh, wéi sin ech sou gescheit. (dantzt ronderëm)

Ech muss goen. DE Prënz an d'Prinz. wëllen op de Kaffi kommen. Ech muss nach Kuch bren, ech muss nach Schlagsahn klappen, ...ech muss ...ech muss... oh, ech muss nach 100 Saachen maachen. (Fort)

3. Akt:

(Beim Fiederwäsch doheen. De Fiederwäsch kuet den Dösch gedeckt, ^{leschte} reckelt nach eng Kéier un den Telleren, summt lues)

Fied.: Alles färdeg. Hun ech och näischt vergiess. D'Blumen um Dösch, de Kuch, d'Schlagsahn, d'Kichelcher. Baron sin, an allemussen si sech virun mir becken! (stolzéiert iwert d'Bühn, verneigt sech no allen Säiten.)

Fiederwäsch, wéi hass du zu de Wichtel gesot? Dir kritt 50 Steck. Haha, mä vu Goldstecker hat ech näischt gesot. (Hien kuckt op d'Auer)

Mei Gott! Gleich 4 Auer. Ech gin dem Pränz an der Prinzessin entgéint. (geet fort)

- Fixefax: (kennt ob den Zéiwenspetzen eran, kuckt ronderem, wenkt dann denen aaneren nozekommen)
- Knuddel: Kuckt iech den Desch un. Hien kritt Besuch.
- Fixefax: Dann kennen mir him keng wichsen.
- Strump: Firwat net? Dann get et eréischt Spass. Ech haalen, e puer Dinger vum Schlass kommen ob de Kaffi.
- Knuddel: (kuckt nach emmer ob den Desch) Oh, ech hun sougur Streiselstaart.
- Fixefax: (streng) Knuddel. Du hels net een Kichelchen, verstân?
- Knuddel: Awer, deen aale Fiederwesch huet eis em vill Geld bedrun, dan kenne mer him och e puer Kichelcher klauen.
- Fixefax: Mir wellen net sou gemeng sin wéi den Fiederwesch. Ennerstéi dech net e Kichelchen ze stibitzen, Knuddel. Hues Du den Quietschreis?
- Knuddel: Natierlech (Hien hellt d'Kescht aus der Täsch)
- Strump: Waat mengt dir...wou sollen mir d'Kären hinléen.
- Fixefax: Ennert dest Kessen, hei fänken mir un.
(Hiewt d'Kessen an d'Luucht a leet ee Kär drenner)
- Knuddel: An een ennert dest Kessen (mecht daatselwecht)
- Strump: Loss, enner jidfer Kessen, wuer den Fiederwesch sech och hinsetzt, iwerall wärt et quitschen. Huhu.
- Fixefax: (helt d'Kären aus der Täsch) Ech werfen e Quietschkär an de Kaffisbitz.
- Knuddel: An hei, een ob den Taarteplateau.
- Strump: Een fir d'Kichelcher, ee fir d'Taart, ee fir d'Schlagsahn.
- Fixefax: Gef mer nach e puer Kären, Knuddel. Een bei d'Zigaretten, een bei d'Fixfeier.
- Strump: Véier fir de Feierkrôp
(Et héiert een Stemmen vu baussen)
- Knuddel: Kuckt zur Fenster eraus) Hu, ween mengt dir, ween den Fiederwesch mat ob Besuch brengt. Dat sot dir mir. Hu. De Prenu an d'Prinzessin.
- Strump: Oh Schreck. An alles voll Quietschreis.
- Fixefax: Rappt sech un den Hoer) Waat sollen mir maachen?
- Strump: Schnell. Hannert de Rido
(Prenz, Prinzessin, Fiederwesch kommen eran)
- Fieder: Monseigneur (verneigt sech) Ech sin iwerglecklech, iech an me gem Haus empfänken ze kennen.

- Prenz: (Kuckt sech em) Zimmlech kleng bei dir. Fiederwesch: Du wees jo, du brauchst dir nemmen méi e grousst Haus ze wenschen.
- Prinz.: Et wuar sou gescheit vun dir den Villercher d'Sangen erem beizebrenge
- Fied.: Huelt iech Plaatz Monseigneur. Dese Stull ass deen bequeemsten (zum Prenz) Wellt dir iech och setzen?
D'Prinzessin setzt sech, a gleich heiert een en laanggezunnent Quietschen (D'Prinzessin sprengt erféiert ob a kuckt verwonnert De Stull)
- Prinz: Waat wuar daat? Hut dir daat héieren?
- Fied.: (duercherneen) Jo,...esou e quietschen. Wahrscheinlech kacht d'Wässer allerléiwst Prinzessin. Et deet mer Leed, datt dir iech esou erschreckt hut. (D'Prinzessin setzt sech virsichtig. Erem e laangt Quietschen. Si steet ob, ass béis)
- Prenz: Mat dem Stull stemmt eppes net, Fiederwesch. (De Prenz ennersicht den Stull hiewt d'Kessen an d'Lucht, leet et erem hannescht, setzt sech selwer drop. Quietschen. Sprengt rosen op.
Du hues also Quietschkessen, Fiederwesch? Zur Fenster eraus domat. (De Prenz werft d'Kessen zur Fenster eraus, wescht mat der Hand iwert de Setz, an bitt der Prinuessin de Stull un. D'Prinzessin setzt sech, et geschitt neischt.
- Fied.: (ass entsaat, kratzt sech de Kapp). Ech verstin dat net. Dât ass nach nie geschitt. Ech geif mengen, elo wir alles an der Rei. Huelt iech Plätz, Monseigneur, allerléiwsten Prenz. Ech schneiden elo den Kuch ob. (De Prenz setzt sech ob en âneren Stull. Quietschen. Hien sprengt ob, werft d'Kessen zur Fenster eraus, wescht de Stull of, setzt sech erem. (Et geschitt neischt)
- Prenz.: (ganz béis) Schro, Fiederwesch, ganz schro.
- Fied.: Gleewt mer, Monseigneur, ech...ech wees wirklech net, waat mat den Still lass ass. (Hien zitt sech en Stull bei den Desch, setzt sech. Quietschen. Hien sprengt voller Angscht ob, a fällt iwert den Stull. Prenz a Prinzessin lâchen, d'Wichtel luussen hannert dem Rido eraus a kennen sech bal net hâlen vu lâchen.)
- Prenz.: Ha! Ha! Has du vergiess, dass DE Quietschkessen hues, Fiederwesch?
- Fied.: Et ass ganz drôlech. Ech hun et guer net gâr.
- Prenz.: (hellt dem Fiederwesch sei Kessen an dat vum véierten Stull)
Werfen mer och nach déi zwee zur Fenster eraus.
- Fied.: (traureg) Oh, meng gudd Kessen!
- Prenz.: Zerwéier eis elo endlech de Kaffi, Fiederwesch!

- Fied.: (Hellet den Kaffisbutz) Därf ech iech zervéieren? Hackelstiwel!!!
Bei deem Duercherneen hat ech ganz vergiess den Kaffi obzeschedden.
- Prinz.: Mir schengt, datt d'Wässer obgehâlen huet ze kachen. D'Feier ass bâl aus.
- Fied.: Ech kemmeren mech drem. D'Wässer wärt elo gleich kachen.
(Steet ob, geet bei d'Feier, hält den Feierkrôp. Quietschen. Voller Angscht werft hien de Krop weg. De Prenu an d'Prinzessin maachen grouss Aen, dann lachen si iwert den Fiederwesch sein Gesiicht. D'Wichtel kucken no, an diebelen sech vu lâchen.)
- Fied: D..d..den F..F..Faierkro-kroop hât gequitscht!
- Prenz: Mir hun et héieren. Steppel am Faier, Fiederwesch.
- Fied: Oh, ech traue mech net.
- Prenz: Virun, Fiederwesch, virun. D'Wässer nuss dach endlech kachen. Du kanns dach net dein Prenu an deng Prinzessin op Besuch ruffen, an neischt offréieren.
(De Fiederwesch helt zimperlech de Faierkrôp, steppelt d'Faier, léist en beim Quietschen fâlen.
- Fied: Ech m..m..mengen, t..t..t'Wässer kacht elo. Ech m..m.. mâchen de Ka..Kaffi.
(Helt virsichted de Waasserkessel, waart drop, datt et, soll quietschen. Et geschitt neischt. Schett Wässer an de Bûtz um Desch a brengt de Kessel zereck.
- Prinz.: (steet ob) Ah Fiederwesch! Loos mech de Kaffi erausschedden! Zocker a Mellech? (Si helt de Kaffisbutz a wellteraus-schedden. Quietschen. D'Prinzessin deet ee Kreesch a leisst den Buutz op den Besch faalen. De Prenz sprengt op, werft den Kaffisbuutz em, de Kaffi spretzt iwert den Fiederwesch.)
- Fied.: Hält sech den Arem un an hopst vu Peng am Zemmer ronderem!
Au, au, mein aarmen Arem. En ass verbrannt, lieweg verbrannt. (D'Wichtel platzen bâl vu laachen)
- Prenz: (eescht) Dat ass kee Spaass méi. Hei schengz alles ze quietschen. Zur Fenster eraus mam Kaffisbiitz! An mam Faierkroop. (Werft se zur Fenster eraus. Et klirrt)
- Fied.: (entsaat) Mei beschten Kaffisbuutz!
- Prenz: (setzt sech erem) Mir geet et elo duer. Naischt ze drenken - an wann et gutt geet, och nach naischt z'iessen.
- Fied.: Dach, Monseigneur, et get vill ze iessen.
(D'Prinzessin huet sech erem gesaat, de Fiederwesch reecht hir zwee Plâtoen, een mat Kuch, een mat Taart. Si helt sech ee Steck Taart, de Prenz zur selweschter Zait ee Steck Kuch. Zweemol Quietschen.



D'Prinzessin leisst d'Haart faalen, de Prenz werft den Kuch op den Fiederwesch, deen léisst di zwee Platoen faalen.

Fied.: (kreischt) Ech weess net, wat hei lass ass.....!!!!!!

Prenz: (Ganz eescht) Fiederwesch! Iirgendeppes stemmt hei net. Entweder hues du alles esou geplangt, oder et ass een aaneren dohannert.

Fied.: Oh, Mon- Monseigneur, ech war et net! Ech schwieren, ech war et net.

Prenz: Fiederwesch! Get et Leit, déi net ganz frou mat dir sinn? Hues du iirgendeng dorömmen gesticht?

Fied.: Neen, Monseigneur, ni-nimols
(D'Wichtel maachen baischt)

Prenz: Mir müssen dach dohannert kommen. Loss eis emol iwerleen. Gef mir eng Zigarette, Fiederwesch. Ech kann mir et einfach net viirstellen, dass du esou Mätzercher mechs, wanns du dir erwaarts barong ze gin, an e grousst a schéint Haus geschenkt ze kréien.

Fied.: (hengt d'Zigaretten an d'Fixfaier vum Kamain)
Monseigneur (geschmeckelt) Wellt dir mech esou vill belouhnen fir all meng Plo, meng Aarbecht, fir all di Nuechten, wou ech keen Aa zougemaacht hun.

Prenz: (helt eng Zigarette, stecht se an de Mond, helt e Fixspoun)
Jo, Fiederwesch. Ech an d'Prinzessin bib... Zweemol haard Quietschen.. De Prenz werft voller Roserei d'Fixspein weg an d'Zigarette zur Fenster eraus. D'Wichtel jeitzen vu Laachen. D'Prinzessin entdeckt se,.. di drei verstoppen sech erem schnell hannert dem kido.)

Prinz.: Fiederwesch, ween verstoppt sech hannert dem kido?

Fied.: (Kuckt op de kido, naischt wibbelt) Keen, allerléiwst Prinzessin

Prenz: Hm, ech hun och gesinn, wéi de kido gewibbelt huet.
(Steet op, goet bei de kido, ent deckt di drei Wichtel)
Waat maacht dir dann uo? Kenns du déi Wichtel, Fiederwesch?

Fied.: (léisst sech op e Stull faalen a verstoppt sei Gesiicht mat sengen Hänn)
Jo, ech kennen se, oh mei, oh mei.

Prinz: Villaicht wessen si, fir waat hei alles quietscht.

Prenz: Kommt heihin, Wichtel! Hut dir.....

Fixef.: Jo, jo, Monseigneur, mir hun iwerall quietschreis gestreet.

Pr n z: Quietschreis! Wou hut dir deen damm hir?

Strum.: Jo, wéi mir den Zauberreis fir är Villercher wollten zauberen, hat den Trulli ee Fehler gemacht, an di éischt Portioun Zauberreis huet dun gequietscht, anstatt ze paffen.

Prinz.: Zauberreis fir eis Villercher? Wat mengs du domat?

- Knuddel: Allerléiwst Prinzessin, mir haten Zauberreis gemaach, mir sin dee ganzen weiten Wee komm an hun ar Villercher gefiddert, fir datt sie erem sangen kennten. Den Här Fiederwesch hat eis dofir 50 Goldstecker versprach, mee dun huet hien eis ugeschmiert, hien huet eis nemmen 50 Souen gin. Duerfir wollten mir him eng schro spillen. Wann mir gewosst hätten, datt dir bei de Fiederwesch op Besuch kéimt, dann hätten mir dat bestemmt net gemaacht.
- Prenz: (zum Fiederwesch, deen sech nach emmer hannert sengen Hänn verstoppt)
Fiederwesch, nas du mir net verzielt, wei's du dech geplot has, fir meng Villercher erem un d'Sangen ze kréien. (De Fiederwesch seifzt ganz haard)
An ech wollt dech nach zum barong maachen (De Fiederwesch seifzt nach méi haard)
Du bass ee gemengen, hannerleste, e kârel.
- Strump: (begeeschtert) Dat stemmt! Ee gemengen, hannerlestege kârel.
- Prenz: (zum Strumpel) A wat hat dir iech bei esen Topegkeeten geduecht? Fir wat sitt dir net bei mech komm. Ich bestrofe meng Dinger, an net dir.
- D'Wicht.: (zidderen an faalen virum Prenz op d'Knéien)
- Fixefax: Mir streen och ni méi Quietschreis.
- Str + kn: Niméi, niméi!!!
- Prinz.: Sief net béis iwert se, léiwe Prenz. Schliesslech waren si et, déi d'Villercher erem un d'Sangen kritt hun.
- Prenz: T'ass schon gutt! Ma 50 Goldstecker kréien se meng..
- Wich + Prinz.: Oh..Oh...(jéimeren alleguer)
- Prenz: Well ech awer ee gutt Harz hun, gin ech iech 5 Goldstecker.
- Strump: Oh méi....(jéimert)
- Kn + Fixe: (psst)
- Prenz: An du Fiederwesch, du bleiws fir éiweg en Fiederwesch, an net den barong Fiederwesch.
An elo fort mat dir bei d'Villercher.
- Fied.: (fällt bal iwert seng eegen heiss, fir esou schnell wéi méiglech fort ze kommen) Gewess, ganz gewess, Monseigneur!
- Str: (traureg) Elo hun mir awer net dat grousst Gleck fonnt.
- knud: (iwert dem Fortgoen) wecht naischt! Mir haten dach vill Spass.
- Fixef.: Souvill hat och a mengen ganzen Liewen nach net gelaacht!
(D'Wichtel verneipen sech déif virum Prenz an der Prinzessin an gin eraus. Le kido geet zou, an et héiert een d'Villercher peifen.)



De verzauberte Reís
E Spill an drei Akten